Ried vum H. Albert HANSEN
Vize-präsident vun der Fondation nationale de la Résistance
bei Geleeënheet vun der Commemoratioun fir de Camille SUTOR
19.05.2014

Bonjour Här Burgermeeschter,
Bonjour Léiw Membren vun der Famill vum Camille Sutor,
Léiw Alleguer,

Eng Bemierkung ganz am Ufank : Ech schwëtzen op deser Feier an mengem eegenen Numm. Ech weess, dat d'Kollegen aus dem Comité vun der FONARES mat mir op der selwechter Wellenlengt leien. Mais eisen Präsident, den Här Premierminister, huet den Text nick am Viraus ze gesin kriit, an ech kann an well hien dofir nick dorop festléen.

Et as nick esou, datt ech wëlles hät, e puer Schrecklechkeeten ze soen, mais ech schwëtzen riicht eraus, esou wéi mir deem ët schëlleg sin, un deen hakt hei erënnert gët.

Op den 80. Joresdaag vum Doud vum Camille Sutor fallen 2 Evenementer: d'Aweiung vun dem Memorial un den Camille Sutor, deen der Initiativ vun der Aerenzdall-Gemeng ze verdanken as, an d'Viirstellung vun engem Buch vum Här Professer André Grosbusch, enger Biographie vum Camille Sutor, eng Initiativ vun der Famill vum Camille Sutor.

Fir d'Alleréischt soen ech der Gemeng Merci fir hir Initiativ. Ët koennt een mengen, datt mir 80 Joer noom leschten Krich – deem vun 1940-1945, nick méi un déi Evenementer bréichten ze erënneren, dat wär eng Affaire vun eisen Grousselteren an dat häet neischt méi mat der Aktualitéit vun hakt ze dun.

Dir braucht dëser Deeg ewer nëmmen irgend eng Zeitung opteschloen, oder eng Sendung op irgendenger Televisiounstatioun opzedréien, dann git Dir enges Besseren beléiert.

D'Idien déi deemools zum Weltkrich geféiert hun – d'Nazi-Ideologie – oder Theorien an Behaptungen déi där ganz noo kommen, sin haktdesdaags erëm ganz geleefeg.

Wéi d'Resistenz deen leschten Krich hannert sech hat, dun huet sie nick den Slogan opgegraff, den noom éischten Weltkrich an d'Moud koum – Plus jamais la guerre – deen hat jo schon 1939 bewisen, dattt hien nick efficace wär, mais een anneren propagéiert, nämlich deen : "Wehret den Anfängen". Loosst keng totalitär Ideologie méi opkommen, well wann sie bis Fouss gefaast huet, dann gët ët schwéier fir sie anzedämmen.

An wéi wëllen mir hakt denen jonken Leit weisen wéi wichteg ët as datt jhust sie mussen um qui-vive bleiwen, wann mir hinnen nick weisen wouhin de Wee féiert wann een bis déi éischt Schrëtt drop getrëppelt as, wann mir nick drun erënneren wéi a firwaat deemools – 1939/1940 d'Onglëck an eisen Gegenden lasgangen as.

An wéi wëllen mir hinnen Courage machen, fir sech géint déi Ideen ze stellen, wann et dach esou einfach as, fir hinen als Beispill een virun d'Aan ze sëtzen, deen 1940 urplôtzlich virun der Froo stung ob hien géiw noo kucken, oder séint derzou beididroen fir dem totalitären Terror-Regime ze trotzen?

D'Aerenzdall-Gemeng kann stolz sin dem ganzen Land ze weisen, datt et deemools an hirer Mët Biirger gouf, déi den Courage haten sech ganz fréi dem Nazitum entgéint ze stellen.

Een vun hinnen war den Camille Sutor.

De Camille Sutor as den 30. Mai 1921 op d'Welt kommen. Hien hat also 19 Joer wéi den Krich ugangen as. Mir hun hakt Tendenz ze soen: also een jonken Borscht. Mais dann iiren mir eis: hien war nach ganz jonk, secher, mais d'brauch een nëmmen d'Photo ze kucken déi mat der Invitatioun op d'Feierlechkeeten vun hakt gedrëckt gin as, fir ze gesinn datt de Camille Sutor demools schon een jonken Mann war. Deen, deen eis doo entgéint kuckt as een eeschten jonken Mënsch deen mat Verstand an Zouversiicht an d'Welt blëkt.

Ech gin nick an den Detail vun senger "Karrière" an der Resistenz – dat mecht d'Biographie vum Här Professer André Grosbusch vill besser.

An domat sen ech schon bei dem 2. Evenement dat op den 80. Doudesdaag vum Camille Sutor fällt:

Nämlich d'Publikatioun vun engem Buch iwer den Liewenslaaf vum Camille Sutor. Den Här Grosbusch, ënnerstëtzt vun der Famille an den Frënn vum Camille, brengt et färdeg eis éint liewegt an detailléiert Bild vum Camille Sutor ze zeechnen, trotzdem dat kurzt Liewen vum Camille an eng Zeit gefallen as, aus där kaum schréftlech Ënnerlagen an den Archiven existéieren.

Mais den Här Grosbusch huer mat senger akribischer Arbecht an sengen gedëllegen Recherchen nick nëmmen een Portrait vum Camille Sutor gemolt. Hien huet déi ganz Zeit vun 1940 bis 1944 operstoen geloos, mat fillen Facetten déi hakt kaum méi bekannt sin.

Den Här Grosbusch brengt mat sengem Buch nach epppes färdeg: Ouni ze polemiséieren seet hien e puer Wourechten, déi och an den Vergies geroden sin.

D'geet un mat dem dueblen Titel:
Deen lëtzebuergeschen – « Net een vun villen » rëckelt Villes an an eng Perspektiv déi seit 1945 négligéiert gin as. Wann hakt jonk Historiker vum « Mythe de la Résistance » schwëtzen (an domat soen wëllen, datt contrairement zu dem, waat noom Krich breetgetrëppelt gouw – d'ganzt Land wär vun 1940 bis 1945 an der Resistenz gweest – dann hun sie Recht). An der aktiver Resistenz war nëmmen een klengen Prozentsaatz vun der Populatioun. Ech ënnerstellen, dat déi Historiker nick wëllen behaapten, ët hätt keng Resistenz zu Lêtztebuerg gin.

Den Andre Grosbusch dokumentéiert datt ët schon fréi Resistenzorganisatiounen heiheem gouw. Den 10. Oktober 1940 huet den Camille Sutor mat e puer Frënn d'Organisatioun "Trei Lêtzebuerger Stodenten (TLS)" zu Dikrich gegrënnt.

Wann Dir Den renovéierten Musée National de la Résistance » zu Esch besichen git – ech encouragéieren Iech, daat ze machen – dann geet ët Iech bestëmmt wéi eis vun dem Comité vun der FONARES bei eisem Besuch. Do, wou mir gehofft haten, eng Präsentatioun vun deem ze fannen, waat dann d'Resistent am 2. Weltkrich zu Lëtzebuerg war, an wien virwaat Resistenz gemät hat, hun mir geliest, datt déi meeschten Lëtzebuerger 1940 mol keng Positioun bezun hun, an kucken wollten wéi déi Sach (d'Nazi-Besatzung) sech dann géiw weiderentwëckelen. Daat ganzt ënner dem Motto " D'war nick esou einfach".

Den Här Grosbusch weist an a mat sengem Buch, datt deen Slogan falsch as. Et war einfach fir Resistenz ze machen, mais d'Viraussetzung war natierlech déi, **datt een huet mussen wëllen** resistéieren. De Camille Sutor ass dat best Beispill derfir. Hien huet keng Excuse gesicht fir neischt brauchen ze machen an emool déi aaner gewärden ze loosen. Nodeem hien seng Organisatioun gegrënnt hat huet hien sech 3 Mool op den Wee gemät fir iwer Frankreich an Sponien oder d'Schweiz an Nord-Afrika oder England ze kommen an vun do an d'alliéiert Armeen. Hien wollt sech ganz perséinlich an direct mat den Nazi-en auserneen sëtzen. Mais et huet nie geklappt, an hien koum erem heem. De Camille as trotzdem nick an den RAD gangen, an hernoo och nick an d'Wehrmacht. Hien huet sech och nick dermat begnügt sech ze verstoppen an engem Bunker oder bei enger Famill - hien huet virun aktiv géint den Okkupant geschafft.

Dat Buch vum Här Grosbusch as selwer een Memorial, een Denkmal, dat un den Camille Sutor soll erënneren.

Den franzéisischen Titel vum Buch – Camille Sutor, une âme forte de la Résistance – as een Programm fir sech: Den Här Grosbusch évitéiert – menger Meenung ganz bewosst – d'Wuert « Held " an den Mond ze huelen. Hien huet och guer nick néideg, dem Camille Sutor Titelen unzehenken. Daat, waat hien iwer den Camille Sutor schreiwt geet duer fir datt jiddereen deen d'Buch liest sech bewosst gët, mat weem hien do ze dun huet: mat engem, deen trotz sengem jonken Alter, een Pilier vun e puer Resistenz-Organisatiounen war.

Den Här Grosbusch gät och nach enger Froo no, ouni drop ze insistéieren: virwaat huet den Camille Sutor sech op esou eng décidéiert Art an Weis géint d'Nazi-en gestallt. D'Äntwërt, déi ech no der Lecture vum Buch font hun: Wéinst der Erziehung déi hien an senger Famille kritt huet, an wéinst senger déiwer Religiositéit. Déi 2 Elementer plus d'Influenz vun e puer aussergewéinlichen Pedagogen denen hien an sengem kurzen Liwen begéint as, sin d'Fonnement aus deem hien seng Energie getankt huet fir 3 an engem halwen Joer lank den Nazien de Bass ze halen.

Den Camille Sutor war sëcher nick een vun villen – ewer hien war bei denen wénigen secher een, deen mat sengem Elan an mat senger Iwwerzeegung d'Beispill gin huet.